# B2 Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

## Dossier 3

### Reesen

**De Kommentar zum Dossier 3**

**Héierverstoen**
- Reesprofiller

**Liesverstoen**
- Reesverhalen

**Mëndlechen Ausdrock**
- Exposé iwwert eng Vakanz zu Lëtzebuerg

**Schrëftlechen Ausdrock**
- Reesbericht

**Literatur**
- Reesliteratur

**Sprooch**
- Friemwierder am Lëtzebuergeschen

# Kommentar Dossier 3

## Theema: Reesen

### Ënnertheemen: Reesprofiller, Vakanz zu Lëtzebuerg, Reesliteratur

#### Léierziler:

- an engem Podcast zum Theema Reesen Informatiounen a Standpunkter erausheéieren an erëmginn
- an engem Interview zum Theema Reesen déi wichtegst Informatioune verstoen an erëmginn
- eng Vakanzendestinatioun presentéieren
- iwwert eng Rees berichten

#### Beschreiwung vum Inhalt vum Dossier

Dësen Dossier kann ee mam Podcast iwwert d'Reesverhalen ufänken, fir verschidden Typpe vu Reesprofiller kennen ze léieren. Den Interview iwwert d'Elengreese knëppt dorun un a geet op ee bestëmmte Reesprofil an. Als schrëftlech Produktioun gëtt proposéiert, e Reesbericht op engem (fiktiven) Internetsite ze publizéieren. D'Léierpersoun kann esou e Site zum Beispill an engem Padlet preparéieren. Duerno kann een am Volet *Literatur* op de Genre vun der Reesliteratur iwwergoen. Am Volet *Sprooch* gëtt d'Problematik vun de Friemwierder am Lëtzebuergesche behandelt. Fir déi mëndlech Produktioun kënnen d'Apprenanten am Kader vu „Vakanz zu Lëtzebuerg" e klengen Exposé iwwert eng flott Destinatioun zu Lëtzebuerg maachen.

#### Zousätzlech Iddien

Zum Theema Reese gëtt et vill interessant Emissiounen a Reportagen op Lëtzebuergesch, zum Beispill:
e Radio-Reportage zum Theema „Eleng reesen":
https://www.eldo.lu/radio/reportagen/81973.html

eng Serie zum Theema Vakanz zu Lëtzebuerg:
https://play.rtl.lu/shows/lb/vakanz-doheem/episodes?season=season-1-vakanz-doheem

eng Emissioun, wou Kandidaten esou séier wéi méiglech op enger bestëmmter Destinatioun ukomme mussen: https://play.rtl.lu/shows/lb/ausgesat/episodes

Ausserdeem kann een iwwert d'Päischtcroisière schwätzen (z. B. mam Superjhemp-Spezialband *Missioun Mëttelmier* oder mat enger Episod vu *Routwäissgro* iwwert Reese mat enger Behënnerung: Endlech Vakanz)
https://play.rtl.lu/shows/lb/routwaeissgro/episodes/r/3045373.

Och d'Vakanzefoire kéint een eventuell mathëllef vun Deplianten, Broschüren oder Informatiounsreportagë behandelen.

Eng Hëllef, fir esou authentesch Texter ze didaktiséieren, fënnt een am Dokument *Aufgabestellunge fir Héier- a Liesverstoen*.

## Grammatesch Punkten

Fir d'Produktiounen an dësem Dossier (e Bericht an eng Beschreiwung vun enger Reesdestinatioun) ass esouwuel e korrekte Gebrauch vun de Vergaangenheetsforme wéi och vun den Adjektiver essentiel.
En anere Punkt, op deen een hei nach eng Kéier agoe kéint, ass de Gebrauch vun de Pronomen *hatt* a *si*. Zu dësem Theema ginn et zum Beispill am *Fuerschungsportal iwwert d'Lëtzebuergescht* vun der Uni Lëtzebuerg oder an der Rubrik *Kuriositéiten aus der Lëtzebuerger Sprooch* um Radio 100,7 interessant Beiträg.

**Impressum**

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? B2
Dossieren 1 - 3
INLL – Institut national des langues Luxembourg, Lëtzebuerg, Mäerz 2023

INSTITUT NATIONAL
DES LANGUES
LUXEMBOURG

All d'Materialien (Texter, Illustratiounen, Fotoen an Tounopnamen) däerfe fir Unterrechtszwecker kopéiert a verwäert ginn, wann d'Quell ugi gëtt. Se däerfen net zu kommerziellen Zwecker benotzt ginn.
Fotoen, Texter an Tounopnamen, fir déi den INLL d'Benotzungsrechter vun anere Persounen oder Organisme kritt huet, däerfen net weiderverwäert ginn.

Auteuren: Angie Gaasch, Jackie Messerich (INLL)
Berodung: Claudio Nodari (Institut für Interkulturelle Kommunikation, Zürich)
Relecture: Danny Leyder, Isabelle Simon (INLL), Myriam Welschbillig
Korrektorat: Myriam Welschbillig
Illustratiounen, Layout: lex&pit weyer créations et publicité
Tountechnik: IP Luxembourg
Administrativ Koordinatioun: Joëlle Hentges (INLL)
Ënnert der Leedung vun der Direktioun vum INLL: Maisy Gorza

E grousse Merci un all déi Persounen, déi matgehollef hunn, dëse Projet ze realiséieren.

ISBN 978-99959-40-06-5

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

# Reesprofiller

*1. Lauschtert de Podcast mam Martine zum Theema Reesverhalen. Notéiert, wat fir Theemen oder wat fir Aspekter vum Reesen an dësem Podcast ugeschwat ginn. Vergläicht duerno mat Ärem Noper.*



©sebra / Shutterstock.com

*2. Liest elo am Resumé, wat d'Martine am Podcast iwwert säi Reesverhale gesot huet.*

| Theemen | Resumé |
|---|---|
| Reesprofil | Am Podcast mam Martine geet rieds vu kannerfrëndlechem Reesen. Hatt reest normalerweis mat senge Kanner. |
| Destinatiounen | Si ginn dofir op kannerfrëndlech Plazen, wou jiddereen eppes dovun huet. Am léifste reese si net ze wäit fort, bleiwen hei vir an Däitschland oder fueren op d'belsch Plage. |
| Logéieren | Wat d'Logéieren ubelaangt, sou wielt d'Martine och kannerfrëndlech Plazen, en net ze schicken Hotel oder och mol Camping. |
| Dagesoflaf/ Aktivitéiten | Ausserdeem gi mir eppes iwwert hiren Dagesoflaf gewuer an zwar, datt si keen typeschen Oflaf hunn. Si stinn net ze spéit op an da riichte si sech nom Wieder an no hirer Loscht: Si gi schwammen, spadséieren, eppes kucken oder spillen zesummen. Si gi méi spéit schlofe wéi normalerweis. D'Martine hëlt sech zwar vill Zäit fir d'Kanner, mee hatt probéiert och, Zäit fir sech selwer ze fannen, fir ze liesen an ze raschten. |
| Organisatioun/ Informatioun | Wat d'Organisatioun betrëfft, informéiert hatt sech virun allem um Internet an organiséiert alles selwer. Heiansdo geet hatt awer och an e Reesbüro. |

*3. Maacht Gruppen. Lauschtert ee Podcast pro Grupp an notéiert a Stéchwierder, wat zu deenen eenzelnen Theeme gesot gëtt.*

Reesprofil: ____________________

Destinatiounen: ____________________

Logéieren: ____________________

Dagesoflaf/Aktivitéiten: ____________________

Organisatioun/Informatioun: ____________________

*4. Schreift elo mathëllef vun Äre Stéchwierder e klengen Text, deen d'Reesverhale vun där Persoun beschreift. Orientéiert Iech dofir um Text vun der Aufgab 2 an un de Sazufäng hei drënner.*

Am Podcast mam ... geet rieds vu ... Reesen.
De Fokus läit op ...
Fir hien/si/hatt heescht reesen ...

Seng/Hir Liblingsdestinatioune sinn ...

Wat d'Logéieren ubelaangt, ...

Wat den Dagesoflaf / den Dagesrhythmus beträfft, ...
Typesch Aktivitéite sinn ...

Zu der Organisatioun vun de Reese seet hien/si/hatt, ...

Mir gi gewuer, datt ...
Hien/Si/Hatt betount, datt ...

*5. Maacht nei Gruppen, an deenen op d'mannst een „Expert" pro Podcast ass. Presentéiert de Podcast, deen Dir gelauschtert hutt, a lauschtert deenen aneren hir Presentatiounen.*

*6. Tauscht Iech duerno iwwert déi verschidden Zorte vu Reesen aus a sot och, wéi Dir Äert eegent Reesverhalen definéiere géift.*

Ech ka mech am beschte mam ... sengem Reesprofil identifizéieren. Ech reesen och gär ...


Mech huet dem ... säi Reesprofil am meeschten ugeschwat. Mäi Reesverhalen ass awer net genau d'selwecht. Ech géing mäi Reesverhalen esou definéieren: ...

Ech kann iwwerhaapt näischt mat ... Reesen ufänken. Ech reese léiwer ..., well ...

Ech ka mech mat kengem vun deene Reesprofiller identifizéieren. Ech perséinlech reesen am léifsten ...

*7. Weist eng Liblingsdestinatioun vun Iech op enger Weltkaart (am beschten an engem Padlet) a schreift e puer Sätz dozou. Dir kënnt och gär e puer Fotoen derbäisetzen.*

Informatioun fir d'Léierpersoun:
Gitt op www.padlet.com a kreéiert e Padlet no dësem Modell:



*4. Schreift elo mathëllef vun Äre Stéchwierder e klengen Text, deen d'Reesverhale vun där Persoun beschreift. Orientéiert Iech dofir um Text vun der Aufgab 2 an un de Sazufäng hei drënner.*

| Theemen | Resumé |
|---|---|
| Reesprofil | **Am Podcast mam Steffi** geet rieds vu Reese mat engem kulinareschen Aspekt, virun allem fir aner Iesskulture kennen ze léieren.<br>Hatt reest mol eleng, mol mat senger Famill oder och mat Frënn, déi seng Interessien deelen a mat deenen hatt flott nei Restauranten a Platen entdecke kann. |
| Destinatiounen | D'Steffi reest gär op nei Plazen, déi och méi wäit ewech kënne sinn, an entdeckt gär aner Kontinenter, nei Länner oder nei Stied. Hatt betount, datt een zum Beispill an Amerika net nëmme Fastfood kritt, mee datt et do och vill Restaurante gëtt, déi gesond an och vegan Platen ubidden. |
| Logéieren | Mir gi gewuer, datt hatt op senge Reese ganz gär an engem Appartement wunnt, fir selwer ze kachen an déi lokal Spezialitéiten auszeprobéieren. Natierlech léisst hatt sech och heiansdo gär an engem Hotel vun de Käch bekachen. |
| Dagesoflaf/ Aktivitéiten | Hatt geet gär op lokal Mäert oder a Restauranten, mee seng Aktivitéite dréie sech awer net just ronderëm d'Iessen! Jee nodeem wou hatt ass, geet hatt och emol op d'Plage oder Stied kucken, wou hatt zum Beispill an e Musée geet oder e Sightseeing-Tour mécht. |
| Organisatioun/ Informatioun | Wat d'Organisatioun ubelaangt, sou plangt hatt vill am Viraus, sicht no Restauranten, liest Bewäertungen a kuckt och Biller vum Iessen. |

| Theemen | Resumé |
|---|---|
| Reesprofil | **Am Podcast mam Maria** geet rieds vun authentesche Reesen, fir d'Kultur, d'Aktualitéit an d'Geschicht vun engem Land ze erliewen. Hatt mécht léiwer méi oft kuerz Vakanze wéi eemol eng laang.<br>D'Maria reest ni eleng, mee entweeder mat sengem Partner, senger Mamm oder mat Frënn. Hatt fënnt, datt een d'Kultur besser appreciéiere kann, wann ee sech mat engem driwwer austausche kann. |
| Destinatiounen | Normalerweis reest d'Maria an Europa an normalerweis mam Zuch, mee och mol mam Auto, a just seele mam Fliger.<br>Ee Grond dofir ass, datt hatt ëmweltbewosst an nohalteg wëll reesen. Mee hatt fënnt och, datt et einfach immens schéi Plazen an Europa an nobäi gëtt an een dofir net ëmmer muss esou wäit reesen. Seng Liblingsdestinatioune sinn déi ëstlech Länner an Europa: Russland, Polen, Ungarn, de Balkan. |

| | |
|---|---|
| Logéieren | Wat d'Logéieren ubelaangt, sou geet hatt am léifsten a kleng Familljenhoteller am Zentrum vun der jeeweileger Stad. Bei de Leit selwer wunnen ass och eng Optioun, mee do muss ee sech senger Meenung no gutt informéieren. |
| Dagesoflaf/ Aktivitéiten | Hatt geet gär an d'Muséeën oder leeft duerch d'Stied, fir d'Kultur kennen ze léieren an déi authentesch Liewensweis vun de Leit ze gesinn. Fir verschidden Deeg huet hatt e feste Plang, mee hatt hält sech bewosst Deeg ouni Plang, wou hatt sech dreiwe léisst. |
| Organisatioun/ Informatioun | Seng Reese sinn ëmmer gutt organiséiert. Hatt informéiert sech um Internet, kuckt Bewäertungen, bucht awer dann am Reesbüro, éischtens, fir déi lokal Agencen ze ënnerstëtzen, an zweetens, fir besser ofgeséchert ze sinn. |

| Theemen | Resumé |
|---|---|
| Reesprofil | **Am Podcast mam Christian** geet rieds vu Wellness-Reesen, déi hien zesumme mat senger Fra mécht.<br>Fir d'éischt gi mer gewuer, datt hie sech schonn als Kand ëmmer immens laang am Viraus op d'Vakanz gefreet huet an en och haut nach virdrun immens opgereegt ass. Fir hien heescht Vakanz aus dem Alldag ausbriechen, sech Zäit huelen, seng Batterien oplueden an entspanen. |
| Destinatiounen | Fréier mat de Kanner huet hien dacks op enger Plage am Süde vun Europa Vakanz gemaach.<br>Wat d'Destinatioune fir d'Wellness-Vakanzen ubelaangt, bleiwe si meeschtens nobäi, an der Groussregioun, Bayern oder Südtirol. Dat Wäitst bis elo war d'Insel Föhr iwwer Hamburg. Wat flott bei Wellness ass, ass, datt een net wäit muss fueren, fir eppes ze fannen, wat engem gutt gefält. |
| Logéieren | Wat d'Logéiere betréfft, huet de Christian Wellness-Hotelle gär. Engersäits natierlech, well een do gutt entspane kann, mee anerersäits awer och wéinst deem gudden Iessen. |
| Dagesoflaf/ Aktivitéiten | Den Dagesoflaf fënnt de Christian net extreem spannend, mee erhuelsam: moies net ze fréi opstoen, gemittlech Kaffi drénken, sech Zäit huelen, spadséieren oder wandere goen, an d'Sauna oder an d'Schwämm goen, an den Dag mat engem gudden Iessen a guddem Wäin ausklénge loossen. |
| Organisatioun/ Informatioun | D'Organisatioun vun deene Vakanzen iwwerhëlt dem Christian seng Fra zum gréissten Deel. Si sicht den Hotel an d'Géigend eraus an op der Plaz och d'Iessen.<br>De Christian këmmert sech just ëm d'Wäiner. |

| Theemen | Resumé |
|---|---|
| Reesprofil | **Am Podcast mam Max** geet rieds vu sportlech aktive Reesen an der Natur. De Max huet dacks méi wéi een Zil beim Reesen: Hie léiert gär nei Länner an nei Leit kennen, mee hie sicht virun allem, wat him am berufflechen Alldag feelt, nämlech Beweegung a Sport. Am léifsten ass hien dofir dobaussen am Fräien an der onberéierter Natur. Et ass ënnerschiddlech, mat wiem hie reest. Hie reest mol mat senger Frëndin, mol mam Trëppelveräin, heiansdo och eleng. |
| Destinatiounen | Hie geet virun allem gär an d'Bierger, éischtens wéinst der grandioser Kuliss (hie fënnt flaach Landschafte langweileg), mee d'Bierger si fir hien och en Zil, un deem ee sech moosse kann; hie sicht ëmmer nei Erausfuerderungen. Hien huet d'Bierger souwuel am Wanter wéi och am Summer gär, entweeder fir Schi ze fueren oder fir ze wanderen. |
| Logéieren | Wat d'Logéieren ubelaangt, kréie mir an dësem Podcast net vill Informatiounen. Hie mécht awer dacks Reese mam Zelt. |
| Dagesoflaf/ Aktivitéiten | Wann hien zum Beispill eng Wanderrees mam Zelt mécht, versicht hien, e gesonden Dagesrhythmus ze fannen: fréi opstoen, uerdentlech Kaffi drénken, lassgoen, net ze spéit ukommen, fir sech op d'Nuecht ze preparéieren, an net ze spéit schlofe goen. |
| Organisatioun/ Informatioun | Fir sech iwwer seng Destinatiounen ze informéieren, schwätzt hie vill mat anere Leit iwwer hir Reesen, kuckt Reesreportagen oder sicht sech seng Informatiounen um Internet. Heiansdo mécht hien och organiséiert Reese mat. |

| Theemen | Resumé |
|---|---|
| Reesprofil | **Am Podcast mam Isabelle** geet rieds vu Reesen an exotesch Länner. De Fokus läit bei senge Reesen um Kenneléiere vu frieme Länner a Kulturen an authentesche Plazen, wou net esou vill Touriste sinn. Hatt reest oft mat enger Frëndin oder awer och an engem klenge Grupp. Dobäi ass et him wichteg, datt d'Leit, mat deenen hatt reest, déi selwecht Interessie wéi hatt hunn a sech dat selwecht vun der Rees erwaarden. |
| Destinatiounen | Hatt huet am léifsten Destinatiounen, wou hatt d'Sprooch net kennt. Hatt nennt do zum Beispill China, Japan an den Iran. Eng Liblingsdestinatioun huet hatt am Fong net, mee hatt léiert einfach gär nei Länner kennen a probéiert, all Joer een neit Land ze bereesen. Et soll e Land sinn, vun deem hatt net vill kennt, wou ee kann op authentesch Plaze goen. |

| | |
|---|---|
| Logéieren | D'Isabelle wëll awer net just d'Länner, mee och d'Leit, déi do liewen, kenne léieren. Dofir wunnt hatt am léifste bei de Leit doheem, an enger klenger Pensioun oder an engem Bed&Breakfast an net an engem groussen Hotel, wou vill Touriste sinn. |
| Dagesoflaf/ Aktivitéiten | Wat den Dagesoflaf an den Dagesrhythmus betrëfft, kréie mir an dësem Podcast keng Informatiounen. |
| Organisatioun/ Informatioun | Zu der Organisatioun vu senge Reese seet hatt, datt hatt net vill organiséiert, well et léiwer spontan bleift. Hatt bucht e Fluch um Internet a sicht sech fir den Ufank e Logement. Fir de Rescht léisst hatt sech vun de Méiglechkeeten, déi sech erginn, spontan matrappen. |

# Reesverhalen

*1. Liest den Titel an d'Aleedung zum Interview. Wat fir Froen erwaart Dir Iech am Interview? Deelt Är Iddie mat der Klass.*

## Eleng reesen - gewosst wéi!

**En Interview mam Dina Sosa.**

D'Weltebummlerin Dina Sosa ass ëmmer solo ënnerwee, sief et um Moto oder mat hirem Camper. Mëttlerweil schreift si Bicher fir Leit, déi gär eleng reesen, a virun allem fir déi, déi nach net vill Erfarung domat hunn. Am Interview erkläert si, wat si esou um Elengreese faszinéiert, a gëtt och e puer gutt Tipps.
De Reesmagasinn *Op der Rull* huet sech mam Dina ënnerhalen.



©Juice Dash / Shutterstock.com

*2. Liest a lauschtert am Interview fir d'éischt d'Froen, déi de Reesmagasinn dem Dina Sosa gestallt huet. Vergläicht se mat Ären Iddien.*



©Juice Dash / Shutterstock.com

*RM: Dina, Camping ass nees Kult a Campingcare sinn nees ganz „in". Och Dir sidd am léifste mam Camper ënnerwee. Wat faszinéiert Iech esou un där Aart a Weis, fir ze reesen?*

DS: Fir mech bedeit esou ee Roadtrip am Campingcar maximal Onofhängegkeet an domat och Fräiheet. Ech sinn domat iwwerall doheem, well ech hunn alles, wat ech brauch. An engem Camper huet een natierlech dee meeschte Luxus, zum Beispill e richtegt Bett, eng Plaz fir ze kachen, eventuell esouguer eng Dusch an eng Toilette. Et hänkt ganz dervun of, wéi eng Prioritéiten een huet, et brauch ee kaum Kompromësser anzegoen an et kann ee ganz entspaant reesen. E bëssen anescht ass dat, wann ee mam Auto oder mam Moto a mam Zelt ënnerwee ass.

*RM: Wat bei Iech jo speziell ass, dat ass, datt Dir ëmmer eleng reest. Wat ass fir Iech de Reiz, dat Besonnescht dodrun?*

DS: Wann ech eleng ënnerwee sinn, kréien ech vill méi liicht Kontakt mat Eenheemeschen oder anere Leit, déi reesen, wéi an enger Grupp oder zu zwee.

Fir mech gëllt: Et ass iwwerall schéin. Wie mat engem Laachen am Gesiicht duerch d'Welt reest, kënnt iwwerall gutt un. Wann ech de Mënsche frëndlech, virwëtzeg, oppen, interesséiert, opmierksam a gutt gelaunt begéinen, da ginn ech genau sou empfaangen. Ech brauch also net vill, fir eleng op d'Rees ze goen an iwwerall doheem ze sinn: mäi Gefier an de Bléck an déi wäit Welt.

*RM: Wat fir Tipps kéint Dir engem ginn, deen nach ni eleng gereest ass?*

DS: Ech kann nëmme recommandéieren, de Courage ze hunn, fir eleng ze verreesen. Schonn eleng, well een dobäi sou vill léiere kann. Dozou gehéiert och, sech mol dreiwen ze loossen an op seng bannenzeg Stëmm ze lauschteren, méiglechst wéineg ze plangen a sech Zäit ze huele fir alles. Zum Beispill net déi éischtbescht Plaz fir ze iwwernuechten huelen, mee e bësse ronderëmfueren, kucken, mat Leit vun do schwätzen, an dann eréischt erauswielen. A wann ee mol a Schwieregkeete geréit: net direkt opginn! Meeschtens fënnt een eng Léisung. An dat Wichtegst ass: Et soll ee sech Zäit loossen, fir ze genéissen.

*RM: A ganz konkreet beim Reese selwer?*

DS: Reng praktesch gesinn gëtt et natierlech sou munches, wat een derbäi sollt hunn. Dat Wichtegst ass menger Erfarung no tatsächlech eng Schëpp, fir sech am Noutfall op enger sandeger Pist befreien ze kënnen. Et sollt een och ëmmer oppassen, ob een an enger Géigend mat Handyempfang ass, dat ass an ofgeleeëne Géigenden net ëmmer de Fall. Ausserdeem sollt ee säi Gefier vu banne sou séchere kënnen, dass een et net vu bausse kann opkréien. Generell ass et natierlech unzeroden, ëmmer gutt opzepassen a sech de lokale Conditiounen unzepassen.

*RM: Dir reest jo lo ëmmer motoriséiert. Musst Dir Iech do mat der Technik gutt auskennen?*

PS: Also e bëssen technesch Kenntnisser sinn net vu Muttwëll, mee sou super gutt kennen ech mech och net aus. Ganz wichteg ass et natierlech, wann ee sou wéi ech eleng verreest, ze wëssen, wat fir Hëllefsdéngschter een am Noutfall kontaktéiere kann.

*RM: Wat war da bis elo déi abenteuerlechst Hëllefs-aktioun, déi Dir erlieft hutt?*

DS: Dat war d'lescht Joer op enger Biergstrooss an Albanien. Ech si mat mengem Camper op enger ganz géier Strooss hänke bliwwen an hannerzeg an e Gruef gerutscht. Ech koum net méi eraus, ech houng fest. Ee Gléck koumen do grad zwee Motorradfuerer laanscht. Si hu versicht, mech do erauszekréien, mee et ass hinnen net gelongen. Ee vun de Motorradfuerer ass dunn an e Biergduerf Hëllef siche gefuer. Hie koum mat enger Jeep an enger albanescher Famill zeréck. Zesummen hu se mech dunn, mathëllef vun engem Seel, do erausgezunn. Do hat ech wierklech immens Chance!

*RM: An dann nach eng lescht Fro: Wéi soll ee sech verhalen, wann een ënnerwee eng Pann huet?*

DS: Fir d'alleréischt: roueg bleiwen! An iwwerleeën, wat déi verschidden Optioune sinn, déi een an dëser Situatioun huet. Wat super ass, wann ee mam Wunnmobil ënnerwee ass: Et huet ee jo am Prinzip alles dobäi, Iessen, Gedrénks, e Bett. Dat heescht, et gëtt normalerweis kee groussen Zäitdrock. Wichteg ass natierlech , wéi gesot, dass een anzwousch uruffe kann, fir Hëllef ze kréien. Bis elo hat ech nach ëmmer Chance.

3. *Liest elo den Interview ganz. Wat sinn der Madamm Sosa no d'Virdeeler vum Elengreese mam Camper? A wat sinn hir Recommandatiounen, wann een esou eng Rees wëll maachen? Markéiert dës Informatioune mat zwou verschiddene Faarwen am Text.*

4. *Vergläicht elo mat Ärem Noper / Ärer Nopesch an notéiert zesummen an engem klenge Resumé d'Virdeeler an d'Recommandatiounen aus dem Text. Orientéiert Iech un dëse Sazufäng, fir Äre Resumé ze strukturéieren, a completéiert se mat den Informatiounen aus dem Text.*

E wichtege Virdeel, deen d'Dina Sosa ernimmt, ass ...
Wann een eleng reest, ...
Ausserdeem …

Fir d'Rees u sech recommandéiert si, …
Et soll een (net) ...
Et ass wichteg, ...
Wann een a Schwieregkeete geréit, soll een (net) ...

5. *Reese wéi d'Dina Sosa, wier dat eng Optioun fir Iech? Diskutéiert am Grupp.*



# Vocabulaire

| | |
|---|---|
| ënnerwee sinn | |
| Aart a Weis (f) | |
| Onofhängegkeet (f) | |
| Fräiheet (f) | |
| Kompromësser agoen | |
| Reiz (m) | |
| dat Besonnescht (n) | |
| en Eenheemeschen (m), Eenheemescher (pl) | |
| gutt ukommen | |
| empfänken | |
| sech dreiwe loossen | |
| bannenzeg Stëmm (f) | |
| éischtbescht | |
| a Schwieregkeete geroden | |
| Géigend (f) | |
| ofgeleeën | |
| Et ass net vu Muttwëll. | |
| abenteuerlech | |
| géi | |
| geléngen | |

*4. Vergläicht elo mat Ärem Noper / Ärer Nopesch an notéiert zesummen an engem klenge Resumé d'Virdeeler an d'Recommandatiounen aus dem Text. Orientéiert Iech un dëse Sazufäng, fir Äre Resumé ze strukturéieren, a completéiert se mat den Informatiounen aus dem Text.*

Zum Beispill:
E wichtege Virdeel, deen d'Dina Sosa ernimmt, ass, datt ee fräi an onofhängeg ass, wann ee mat engem Camper ënnerwee ass. Et huet een alles dobäi, wat ee brauch, an et kann ee ganz entspaant reesen.
Wann een eleng reest, da kritt ee méi einfach Kontakt mat anere Leit, déi och reesen, oder mat Eenheemeschen.
Ausserdeem kann een hirer Meenung no op esou enger Rees vill léieren.

Fir d'Rees u sech recommandéiert si, méiglechst wéineg ze plangen a sech Zäit fir alles ze huelen.
Wat d'Sécherheet betrëfft, soll een awer natierlech gutt oppassen a sech de lokale Conditiounen upassen.
Et soll ee fir verschidden Noutfäll preparéiert sinn an ëmmer oppassen, wéi den Handyempfang ass. Et ass ganz wichteg ze wëssen, wat fir Hëllefsdéngschter een am Noutfall kontaktéiere kann. Ausserdeem soll ee säi Gefier vu bannen esou séchere kënnen, datt een et net vu bausse kann opkréien.
Wann een a Schwieregkeete geréit, soll een net direkt opginn. Et soll ee roueg bleiwen an iwwerleeën, wat déi verschidden Optioune sinn.

# Vakanz zu Lëtzebuerg

1. *Sicht Iech eng flott Destinatioun zu Lëtzebuerg eraus a sammelt Informatiounen doriwwer. Dat kënnt Dir engersäits maachen, andeems Dir selwer op d'Plaz gitt a verschidden Aktivitéiten, Restauranten an/oder Iwwernuechtungsméiglechkeeten ausprobéiert. Anerersäits kënnt Dir Iech awer natierlech och an engem Touristebüro oder um Internet informéieren (z. B. hei https://www.visitluxembourg.com/en/where-to-go oder hei https://play.rtl.lu/shows/lb/vakanz-doheem/episodes?season=season-1-vakanz-doheem)*

2. *Maacht e klengen Exposé an der Klass. Orientéiert Iech dofir um Opbau an un de Riedmëttelen hei drënner.*

| | |
|---|---|
| **Titel**<br><br>Schreift den Numm vun der Plaz, déi Dir kucke waart. | Meng Visitt zu … |
| **Aleedung**<br><br>Erklärt an der Aleedung, wat fir eng Plaz / Géigend Dir eraus-gesicht hutt, wou déi Plaz läit a firwat Dir grad déi Plaz eraus-gesicht hutt. | Ech hu mer … erausgesicht.<br><br>Dat läit …<br><br>Ech hu mer déi Plaz erausgesicht, well ...<br><br>Ech hu mech decidéiert fir ...<br><br>Ech hu laang gesicht a mech du fir ... decidéiert.<br><br>No laanger Recherche ...<br><br>Ech sinn op dës Iddi komm, well ... |
| **Generell Beschreiwung**<br><br>Erzielt, wat speziell un där Plaz ass, wat fir Attraktioune et do oder do an der Géigend ginn.<br><br>Gitt Rotschléi, wou een do an der Géigend eppes iessen / eppes drénke goe kann.<br><br>Gitt och Plazen un, wou een iwwernuechte kann.<br><br>Deelt Är Informatiounen zu Ëffnungszäiten / Präisser / Visitten.<br><br>Preziséiert, ob et flott ass, fir mat Kanner dohinner ze goen, ob et behënnertegerecht ass oder ob Hënn erlaabt sinn. | Speziell un där Plaz ass …<br><br>Do/An där Géigend ginn et e puer flott Attraktiounen, nämlech …<br><br>D'Regioun bitt e puer interessant Geleeënheeten, fir eppes iessen oder drénken ze goen. Et kann een zum Beispill …<br>Ze recommandéieren ass och …<br><br>Wat d'Iwwernuechtungsméiglechkeeten ubelaangt, sou gëtt et do souwuel … wéi och....<br><br>Wat d'Präisser betrëfft ...<br><br>Als Budget muss een ... virgesinn.<br><br>Wat Visitten ubelaangt, …<br><br>Et ass (net) accessibel mat enger Poussette / engem Rollstull / ...<br><br>Et ass speziell ageriicht fir Leit mat ...<br><br>Et ass dat Richtegt, wann een … sicht. |

| | | |
|---|---|---|
| **Detailléiert Beschreiwung**<br><br>Gitt eng detailléiert / perséinlech Beschreiwung vun der Plaz / vun der Géigend.<br><br>Beschreift e puer Aspekter am Detail. | **Ech war selwer schonn do.**<br><br>Ech sinn … bliwwen.<br><br>Ech hunn … iwwernuecht.<br><br>Wärend mengem Openthalt hunn ech …<br><br>Speziell gutt gefall huet mir …<br><br>Dat ass wichteg fir mech, well ...<br><br>Ech kann … recommandéieren, well ... | **Ech war selwer nach net do.**<br><br>Ech hu geplangt fir … dohinner ze goen.<br><br>Op der Internetsäit vun … gesäit een … Dat gefält mir besonnesch gutt.<br><br>Dat wëll ech onbedéngt probéieren/gesinn.<br><br>Ech ka mer virstellen, datt ... |
| **Schluss** | Zum Schluss wëll ech soen, datt ...<br><br>Ech kann déi Destinatioun nëmme recommandéieren, well …<br><br>Nach ee klenge Rot: ...<br><br>Merci fir Är Opmierksamkeet / Merci fir d'Nolauschteren<br><br>Hutt Dir nach Froen? | |

# Reesbericht

*Den Internetsite „De Weltebummler“ sammelt Reesberichter vu reesbegeeschterte Leit. Liest den Text vum Marie iwwert seng Rees op d'Westküst vun den USA. Schreift duerno och en Text iwwert eng perséinlech Reeserfarung an illustréiert e mat e puer Fotoen.*

Orientéiert Iech un dësem Opbau:

## Aleedung

Beschreift Är Reesbegeeschterung. Erzielt, zënter wéini Dir reest, wat Iech um Reese faszinéiert a wat fir Destinatiounen Dir am léifsten hutt.

## Haaptdeel

Bericht iwwer eng spezifesch Rees, déi Iech besonnesch markéiert huet. Beschreift mat méiglechst villen Detailer, wéini, wou, mat wiem, ënner wat fir Konditiounen dat war.

## Schluss

Gitt nach e puer praktesch Tipps fir Leit, déi och esou eng Rees wëlle maachen.

Schreift ongeféier 500 – 600 Wierder.



©Pete Niesen / Shutterstock.com

### Meng Rees op d'Westküst vun den USA

Schonn als Kand sinn ech ëmmer gär gereest. Mat mengen Elteren a mengem Brudder hu mir all Summer eng grouss Rees gemaach. Déi Faszinatioun fir d'Reesen ass bliwwen an och haut nach reesen ech gär, mat menger Famill oder mat Frënn. Bis elo war ech virun allem an Europa, hunn do vill flott Länner a Stied gesinn, mee och op der Westküst vun den USA war ech schonn e puermol. Kalifornien ass wierklech eng vu menge Liblingsdestinatiounen. Mee et ginn nach sou vill Länner, an déi ech reese wéilt. Wann ech fäerdeg si mat mengem Studium, géif ech mer gär e puer Méint Auszäit huelen an eng Weltrees maachen. Mee dat dauert nach e bëssen ...

Eng vu menge flottste Reese war am Joer 2017, op d'Westküst vun den USA. Ech war do mat mengen Elteren a mengem Brudder ënnerwee. Mir haten eis Vakanz ganz ronderëm ee grousst Evenement geplangt, an zwar gouf et den 21. August 2017 eng total Sonnendäischtert a villen Deeler vun den USA. Déi wollte mir onbedéngt gesinn, dofir hu mir eis eng Plaz fir deen Dag erausgesicht, wou een d'Eclipse ganz kéint erliewen, an dat war Salem am Oregon. Mir sinn awer schonn dräi Deeg virdrun an den USA ukomm. Eis éischt Statioun war Seattle, eng ganz flott Stad um Pazifik, net wäit vun der kanadescher Grenz. Vun do aus si mer du Richtung Süden gefuer, op Portland. Och Portland ass eng Visitt wäert; mir sinn awer leider net laang do bliwwen. Den 21. August moies fréi hu mer eis op de Wee gemaach, fir matzäit op der Plaz ze sinn. Sou eng Sonnendäischtert dauert jo nëmmen e puer Minutten a mir wollte se net am Auto erliewen. Et waren immens vill Leit ënnerwee, a wat mer méi no bei eist Zil komm sinn, wat ëmmer méi Leit och stoe bliwwe sinn. Laanscht d'Stroossen huet een iwwerall Camper gesinn a Leit op Campingsstill, wéi wa se géifen op eng Course waarden.
Mir hunn dunn decidéiert, eis op engem grousse Parking néierzeloossen, wou och eng grouss Wiss war. An do hu mer gewaart. D'Sonnenfinsternis war wierklech en Erliefnis, et ass lues a lues méi däischter ginn, d'Villercher hunn opgehal mat päifen, et ass méi kal ginn, an op eemol war et ganz däischter matten am Dag. Wéi d'Sonn nees hannert dem Schiet vum Mound erauskoum , hunn d'Leit geklappt.
Dat huet mech sou beandrockt, dass ech decidéiert hunn, wa méiglech, och mol zukünfteg Reese ronderëm eng Sonnendäischtert ze plangen.
De Rescht vun eiser Rees war awer och nach ganz schéin. Nodeems mer no engem historesche Stau – all Mënsch war no der Sonnendäischtert ënnerwee- op eiser nächster Destinatioun ukomm waren, hu mer de Rescht vun der Vakanz nach op ville flotte Plaze verbruecht. Mir hunn de Crater Lake leider just am Niwwel gesinn, dofir ware mir awer begeeschtert vum Lake Tahoe, e wonnerschéine Séi tëscht Kalifornien an Nevada. Eis lescht Statioun war Santa Barbara, eng Plaz, wou mer schonn e puermol waren. Do huet een einfach dat relaxt „California-Feeling".

Et huet een natierlech net ëmmer d'Geleeënheet, sou laang Reesen ze maachen. Wat ech einfach flott fannen, ass, net op enger Plaz ze bleiwen, zemol wann ee sou wäit fort ass. Mee et soll ee sech och net ze vill virhuelen. Et ass méi flott, e puer Plaze méi intensiv ze erliewe wéi vun enger Plaz op déi aner ze hetzen. Dann huet ee méi dovun.

Marie (568/600 Wierder)

# Reesliteratur

Am Kader vun der Emissioun Literaturlabo um Radio 100,7 hunn d’Nathalie Bender, d’Valerija Berdi an de Ian De Toffoli sech mam Theema Reesliteratur beschäftegt.



©Screenshot vu *www.100komma7.lu*, 15.03.2022

1. *Wat ass Reesliteratur iwwerhaapt? Ass Reesliteratur populär zu Lëtzebuerg? A wat kann alles zu dësem literaresche Genre gezielt ginn? Liest den Text a sicht Äntwerten op dës Froen.*

Eng Fro, déi ee sech sécher stelle kann, ass, wat iwwerhaapt zu der Reesliteratur gezielt ka ginn. Am Fong gëtt et se a ville verschiddene Varianten: Nieft dem dokumentaresche Reesbericht an de klasseschen Touristeguidë gëtt et och déi literaresch verschafften Texter, an deenen d’Auteure Länner bereesen, Kulturen observéieren an hir Andréck literaresch festhalen. Ass Reesliteratur e Genre, deen hei zu Lëtzebuerg vläicht besonnesch gutt zitt? D’Nathalie Bender mengt: „Mir wëssen, datt zu Lëtzebuerg vill Leit gäre Reesliteratur schreiwen – ech nennen do Auteure wéi de Guy Helminger oder den Norbert Jacques. De Georges Hausemer huet fréi ugefaangen, am Ufank méi journalistesch, iwwert d’Reesen ze schreiwen, an ass no an no méi op déi literaresch Spuer vun der Reesbeschreiwung komm. Am Autorenlexikon fënnt ee wäit iwwert 200 Äntrag, déi mat dem Begrëff Reesliteratur besat sinn.“

De Sprong iwwert d’Grenz ass hei am Land séier gemaach. „Et ginn och vill aner Leit, déi iwwer Lëtzebuerg geschriwwen hunn“, seet d’Nathalie, „beispillsweis de Victor Hugo oder den Henry Miller. Aktuell kommen och Leit heihinner, fir sech eist Land einfach mol unzekucken, den David Wagner a Jan Brandt ganz aktuell, oder d’Felicitas Hoppe.“
Mee bis wouhinner geet d’Reesliteratur? Zielt en Abenteuer-Roman, deen a Kanada spillt, zur Reesliteratur iwwer Kanada? Wou zitt een do d’Grenzen? D’Nathalie freet virun: „Muss een déi iwwerhaapt zéien? Ass net all Literatur och ëmmer eng Rees?“

Quell: Gekierzten an ugepassten Text vun: https://www.100komma7.lu/news/litlab-6, 15.03.22

2. *Liest den Text a lauschtert duerno den Interview vum Nathalie Bender mam Georges Hausemer, deen 2017 de Batty-Weber-Präis kritt huet.*

## "Wanns de net lies, brauchs de net ze schreiwen"

10. Mee 2017 - 15:57

**De Georges Hausemer huet ëmmer e literareschen Usproch u seng Reesliteratur gestallt. Well dëst am allgemenge Bewosstsinn net selbstverständlech wier, ass den Auteur besonnesch houfreg op säi Batty Weber-Präis.**

*Nathalie Bender / mak*



©Screenshot vu *www.100komma7.lu*, 15.03.2022 — Foto: Susanne Jaspers

Fir säin Asaz fir de Lëtzebuerger Literaturbetrib heiheem an am Ausland huet d'Jury ënnert der Presidence vum Claude D. Conter de Georges Hausemer ausgezeechent.
De Batty-Weber-Präis gëtt just all dräi Joer fir d'Gesamtwierk vun engem Schrëftsteller verginn.

„Dacks huet d'Reesliteratur kee literareschen Usproch. Dat ass Journalismus", seet den Auteur. „Mir selwer war dat ëmmer ganz wichteg." Aus deem Grond wier seng Reesliteratur och e groussen Deel vu sengem Gesamtwierk – an hätt en Undeel dorun, datt de Batty-Weber-Präis un hie geet.

**Virwëtz als Inspiratioun**
De Georges Hausemer huet déi ganz Palett vun der Reesliteratur ausgenotzt. „Wann ech eng Rees maachen, da gëtt et verschidde Méiglechkeeten, wéi ech am Schreiwen op déi Rees ka reagéieren. Ech kann dokumentaresch dozou eppes soen, ech kann eng Fiktioun doraus maachen, ech kann Notize schreiwen oder e längeren Text. Ech kann eng Erzielung schreiwen, déi vläicht just an engem ganz klengen Aspekt mat der Rees eppes ze dinn huet, mä wou d'Rees awer zum Text gehéiert."

Als seng Stäerkt bezeechent den Auteur d'Verschaffe vu visuellen Andréck. „Virwëtzeg sinn, Saachen zur Kenntnis huelen a weiderentwéckelen. Dat ka sech spane bis a ganz surrealistesch Zeenen." E Beispill ass d'Wierk „Der Suppenfisch" vum Georges Hausemer. „Do freet sech da jiddereen: Wat ass dat? Ech hunn eng Liichtegkeet, esou Biller ze entwerfen."

**Engagement am Ausland**
De Batty-Weber-Präis krut de Georges Hausemer och fir säin Asaz fir d'Literatur zu Lëtzebuerg an am Ausland. Schonn a senger Studienzäit huet den Auteur Texter un auslännesch Literaturzeitunge geschéckt an éischt Kontakter geknëppt. „An den 1980er-Joren hunn ech dunn am Ausland proposéiert, och lëtzebuergesch Editiounen opzesetzen. Ech hat ëmmer de Besoin, fir eis Literatur iwwert d'Grenzen erauszebréngen. Ech wollt déi aner Auteure matrappen." Mat der Zäit sinn ëmmer méi lëtzebuergesch Auteuren zesumme mam Georges Hausemer an d'Ausland invitéiert ginn. „Dat huet mer gutt gefall."

Quell: https://www.100komma7.lu/article/kultur/georges-hausemer-batty-weber, 15.03.22


*3. Liest d'Froen a lauschtert den Interview nach eng Kéier. Notéiert Iech Stéchwierder zu all Fro a vergläicht duerno a klenge Gruppen. Formuléiert zesummen an Ärem Grupp eng Äntwert op all Fro.*

1. Firwat ass de Georges Hausemer houfreg, dass d'Reesliteratur mam Batty-Weber-Präis valoriséiert gëtt?
2. Wéi beschreift de Georges Hausemer seng eege Reesliteratur?
3. Wat ass dem Georges Hausemer seng Stäerkt?
4. Wéi eng Roll spillen d'Iwwersetzungen a sengem Liewenswierk?
5. Wéi wichteg ass et dem Georges Hausemer senger Meenung no, aner Auteuren ze liesen, déi dee selwechte Genre schreiwen?

De Roman *Paradiese, Übersee* vum Felicitas Hoppe gouf vum Georges Hausemer op Lëtzebuergesch iwwersat.
Hei sinn de Cover an eng kuerz Beschreiwung vun der lëtzebuergescher Iwwersetzung vum Buch.

Eng formidabel Rees duerch Kontinenter an Zäiten, mat engem richtege Ritter op engem richtege Päerd mam schéinen Numm Schengen – déi Aventure verzielt de Roman „Paradiese, Übersee" vun der renomméierter däitscher Schrëftstellerin Felicitas Hoppe (Georg-Büchner-Präis 2012), deen elo och an enger lëtzebuergescher Iwwersetzung virläit.
Ëlwen, Wolz, Alschent, Houschent a Lëllgen ... dat sinn nëmmen e puer Statiounen an dësem phantastesche Roman, deen de Lieser op en abenteuerlechen Tour vu Lissabon iwwer Stroossbuerg a Lëtzebuerg an Indie mathëlt. E Ritterroman, deen am 21. Joerhonnert spillt, e modernt Märchen, vollgepaakt mat Iwwerraschungen an enger ganzer Rei vu komesche Gesellen, déi um Enn zu Waasserbëlleg an d'Musel falen an am herrlechen Iechternachzëmmer vun der Madamm Conzemius zur Rou kommen, virleefeg.

Remark: Dësen Text vu capybarabooks.com gouf gekierzt an un déi nei Schreifweis ugepasst.



© capybarabooks

*3. Liest d'Froen a lauschtert den Interview nach eng Kéier. Notéiert Iech Stéchwierder zu all Fro a vergläicht duerno a klenge Gruppen. Formuléiert zesummen an Ärem Grupp eng Äntwert op all Fro.*

*1. Firwat ass de Georges Hausemer houfreg, datt d'Reesliteratur mam Batty-Weber-Präis valoriséiert gëtt?*

Fir vill Leit zielt d'Reesliteratur net zur Literatur. Si gesinn dat einfach als Journalismus, als Berichter oder Reportagen, déi keng literaresch Uspréch hunn. De Georges Hausemer gesäit d'Reesliteratur awer als Deel vu sengem literaresche Gesamtwierk.

*2. Wéi beschreift de Georges Hausemer seng eege Reesliteratur?*

Fir hie gëtt et net nëmmen eng Zort Reestexter. Hien huet verschidde Méiglechkeete genotzt, fir schrëftlech op eng Rees ze reagéieren. Dat kann dokumentaresch sinn oder et kann een eng Fiktioun draus maachen, déi just an engem klengen Aspekt mat der Rees ze dinn huet. Et kann ee kleng Notizen, e längeren Text oder eng länger Erzielung schreiwen.

3. *Wat ass dem Georges Hausemer seng Stäerkt?*

Dat Visuellt spillt eng grouss Roll. Hien huet eng grouss Liichtegkeet, fir Biller ze entwerfen. Hie seet, et sollt een ëmmer virwëtzeg sinn, genee kucken a Saachen zur Kenntnes huelen an dat da weiderentwéckelen.

*4. Wéi eng Roll spillen d'Iwwersetzungen a sengem Liewenswierk?*

Fir d'éischt huet hien als Student Iwwersetzunge gemaach, fir Suen ze verdéngen, mee duerno ass den Usproch méi grouss ginn. Ausserdeem fënnt hien, dass Iwwersetzungen ideal sinn, wann een an enger Schreifkris ass. Et huet een eng Virlag an et brauch ee sech näischt auszedenken, an trotzdeem kann ee weider mat der Sprooch schaffen. Hie fënnt, datt den Iwwersetzermaart haut méi schwiereg ass wéi fréier. Hien huet virun allem aus dem Franséischen op Däitsch iwwersat.

*5. Wéi wichteg ass et, aner Auteuren ze liesen, déi dee selwechte Genre schreiwen?*

Fir de Georges Hausemer ass et immens wichteg, ze kucken, wéi aner Auteuren dat gemaach hunn. Doru kann ee sech dann orientéieren. Et soll een als Auteur net mengen, et géif een d'Rad nei erfannen. Hie seet: „Wann s de net lies, brauchs de guer net unzefänken ze schreiwen."

# Friemwierder am Lëtzebuergeschen

*1. Liest déi allgemeng Reegelen zu de Friemwierder, esou wéi se am offizielle Reegelwierk vun der Lëtzebuerger Orthografie presentéiert ginn.*

## 7. D'Friemwierder

### 7.1 Allgemeng Reegelen

Friemwierder si Wierder, déi net komplett un eis Sprooch ugepasst sinn. Dat gëtt däitlech duerch e friemt Element, z. B. en Accent an der Schreifweis ewéi bei *Boîte* oder en nasale Laut an der Aussprooch ewéi bei *Timber*.

Am Prinzip gëtt de Friemwierder hir Schreifweis bäibehalen. Substantiven aus frieme Sprooche ginn awer groussgeschriwwen:

*Abus, Accent, Accident, Accord, Concours, Courage, Dictionnaire, Ministère, Trottoir, Jeep, Lobby, Party, Weekend*

Bemierkung: Friem Substantive ginn an net substantiveschen Ausdréck klenggeschriwwen:

*d'accord (sinn), par défaut, par rapport, by the way, on the road*

*Dat ass bottom-up*. Mee: *eng Bottom-up-Approche*

De Pluriel vu Friemwierder gëtt meeschtens mat de lëtzebuergesche Plurielsendungen *-(e)n* oder *-er* gebilt:

*Accidenter, Concoursen, Jeepen, Partyen, Trottoiren*

Lautlech integréiert Friemwierder kënne komplett an déi lëtzebuergesch Schreifweis iwwerholl ginn; déi stinn dann am LD.

*Büfdeck* (oder: *Bifdeck*), *Diwwi, Fissi, Jelli, Koseng, Monnonk, Schantjen, Tëlee, Vëlo, Wallis, zerwéieren, Ziwwi*

©D'Lëtzebuerger Orthografie. SCRIPT/ZLS, 4. Oplo, Lëtzebuerg 2022

Dat ganzt Reegelwierk zu der Lëtzebuerger Orthografie fannt Dir hei:
https://portal.education.lu/zls/ORTHOGRAFIE

*2. Gitt op www.lod.lu a lauschtert d'Aussprooch vun dëse Wierder am Singular an am Plural: Abus, Accent, Accident, Accord, Concours. Wat fält Iech op? Diskutéiert zesummen a klenge Gruppen a sicht nach aner esou Wierder.*

*3. Maacht elo den Exercice vum Ortho-Trainer. Online fannt Dir dësen Exercice hei: https://ortho.lod.lu/r09a.html*

**Ortho-Trainer**
D'Lëtzebuerger Orthografie mam Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch

viregt Säit | 9a. Friemwierder: Aféierung | nächst Säit

**9a. Friemwierder: Aféierung**

Friemwierder si Wierder, déi net komplett un eis Sprooch ugepasst sinn. Dat gëtt däitlech duerch e friemt Element, zum Beispill en Accent ewéi bei Crème oder en nasale Laut ewéi bei Timber. D'Schreifweis vun de Friemwierder gëtt am Prinzip bäibehalen.

a. Substantive gi groussgeschriwwen:
Accident, Courage, Dictionnaire,Party, Weekend
b. Substantive ginn an net substantiveschen Ausdréck klenggeschriwwen:
d'accord sinn, par rapport, by the way
c. Friemwierder, déi lautlech integréiert sinn, kënne komplett an déi lëtzebuergesch Schreifweis iwwerholl ginn. D'Schreifweis gëtt da konsequent un déi lëtzebuergesch Reegelen adaptéiert:
Bifdeck, Büfdeck, Diwwi, Kaddo, Koseng, Mononk, Schantjen, Wallis, Ziwwi
d. Verschidde Wierder kréien eng typesch Lëtzebuerger Form fir de Pluriel oder aner ofgeleete Formen:
ee Coup – zwee Ki, bordeaux – mat senge bordoosse Schong

**Wat fir e Wuert ass richteg geschriwwen?**

| | |
|---|---|
| ○ par rapport | par Rapport ○ |
| ○ en trottoir | en Trottoir ○ |
| ○ e Kaddo | e Kado ○ |
| ○ den accord | den Accord ○ |
| ○ Wallis | Walis ○ |
| ○ d'Accord sinn | d'accord sinn ○ |
| ○ Vélo | Vëlo ○ |
| ○ Monnonk | Mononk ○ |
| ○ de ministère | de Ministère ○ |
| ○ on the Road | on the road ○ |

Verbesseren

©Screenshot vun https://ortho.lod.lu/r09a.html, 10.05.22

*4. Wéini ginn d'Friemwierder am Lëtzebuergeschen an hirer original Schreifweis geschriwwen a wéini kréie se eng „lëtzebuergesch" Schreifweis? Gitt op den Internetsite vum Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch an informéiert Iech iwwert dës an nach aner heefeg Froen zur lëtzebuergescher Orthografie: https://portal.education.lu/zls/ORTHO-FAQ*

**Wéini kréie Wierder eng „lëtzebuergesch" Schreifweis?**

Déi orthografesch Integratioun vu Wierder ass e kontinuéierleche Prozess. Op där enger Säit si mer an enger Phas, an där sech vill Leit un dat geschriwwent Lëtzebuergescht gewinnen, an op där anerer Säit bleift d'Lëtzebuergescht eng Sprooch mat ville „frieme" Wierder, déi och aus lautleche Grënn schwéier ze integréiere sinn. Duerch den Nasalvokal wäert e Wuert wéi [Chance] deemno keng lëtzebuergesch Schreifweis kréien. Et gouf en Effort gemaach, fir insgesamt méi lëtzebuergesch Grafien zouzeloossen, ouni dat ganzt Schrëftbild vun eiser Sprooch op d'Kopp ze geheien. Hei soll et an Zukunft ëmmer nees Publikatioune ginn, déi erklären, wéi eng Wierder eng lëtzebuergesch Schreifweis kréien.

©Screenshot vun https://portal.education.lu/zls/ORTHO_FAQ, 10.05.22

*5. Deelt Iech a Gruppen op. Lauschtert pro Grupp eng vun den Episoden 24-29 iwwert „Lëtzebuergesch richteg schreiwen" vum ZLS (https://play.rtl.lu/search/ZLS). Erzielt an der Klass, ëm wat et an där Episod geet a wat d'Haaptreegel ass.*